GEMENG
RAMMERICH

MATDEELUNG

Wat? **Biergerversammlung**
« Kommunale Wunnengsbau zu Bungeref »

Wou? **Am Centre Culturel zu Bungeref**

Wini? **25. Februar 2026, um 19.00 Auer**

D'Gemeng Rammerich informéiert iwwer hire **Wunnengsbauprojet vun dräi Appartementer** an enger **Residenz zu Bungeref** an der rue du Village.

De Verkaf vun dëse Wunnengen **zum Gesteeungspräis** riicht sech haaptsächlech un d'Bierger aus der Gemeng.

Eng vun de Wunnengen ass prioritär reservéiert fir Leit mat Handicap.

Weider Detailer zum Projet fannt Dir op der Récksäit an ënner:

https://rambrouch.lu/actualites

GEMENG RAMMERICH

Zum Verkaf stinn dräi Appartementer mat hirer **Quote-part Terrain** déi **vun der Gemeng als Promoteur public gebaut a verkaf** ginn. **D'Gemeng** begleet de ganze Bau bis zur Schlësseliwwergab a **steet als Garant** fir den Ofschloss vun den Aarbechten.

Konditiounen:

- Déi potentiell **Keefer musse volljäreg sinn** an een Dossier mat hirer **Kandidatur** an de néidegen Ënnerlage fir de Kaf vun enger Wunneng **op der Gemeng eraginn**;
- D'Keefer dierfe **kee Bauland besëtzen** an d'**Wunneng muss als Haaptwunnsëtz genotzt ginn** a kann **net verlount** ginn;
- D'Gemeng behält sech am Acte de vente ee **Virkafsrecht** (« Droit de préemption ») fir dat de Keefer verpflicht exklusiv rëm un d'Gemeng zréckzeverkafen;
- D'Modalitéite vum **Réckkaf** ginn am Acte definéiert.

Verkafspräis:

- Appartement 1 (PMR) mat ca. 85 m² an Terrass (Rdch): **528.000,- € TTC 3%**
- Appartement 2, ca. 47 m² (1. Stack hannen): **284.000,- € TTC 3%**
- Appartement 3, ca. 52 m² (1. Stack vir): **313.000,- € TTC 3%**

D'Appartementer ginn unhand vu Krittäre verginn, dorënner **déi aktuell Wunnadress**, **den Alter vun de Kandidaten** a fir d'Appartement 1 ob Kanner am Stot sinn oder net. Dobäi kënnt ee **Krittär vum Verdéngscht**, wou de Virdeel de Leit mat manner Revenu zougesprach gëtt.

Den **Aschreiwungsformulaire**, relevant Dokumenter an eng Lëscht mat de Krittäre ginn op der Biergerversammlung präsentéiert. **Weider Detailer** fannt Dir um Site vun der Gemeng :

https://www.rambrouch.lu/actualites